N°1868
Entrée le 25.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°1868 du 30 janvier 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet de la réduction de la bureaucratie de la politique économique de l'UE**

Déi nei EU-Kommissioun huet de 29. Januar 2025 de sougenannten "Kompass fir d'Kompetitivitéit" (Competitiveness Compass) presentéiert, dëst ass e grousse Pak vu Mesurë fir d'Kompetitivitéit vun der EU ze stäerken. D'Simplification administrative zitt sech wéi e roude Fuedem duerch dëse politesche Programm. Et geet ënnert anerem drëms, all d'EU Reegelen op hier Compatibilitéit mat den Ziler vun der Reduktioun vun den administrativen a reglementairen Chargen ze evaluéieren a méi systematesch den Impakt vun de Reegelen op d'Kompetitivitéit an op d'PMEen ze testen.

Déi nei Kommissioun huet sech och virgeholl, d'Charge déi de "Reporting" vun EU-Reegele mat sech bréngt fir all d'Betriber ëm 25%, a fir PMEen ëm 35%, ze reduzéieren. Als wichtegen éischte Schrëtt an dës Richtung soll d'Kommissioun Enn Februar e sougenannten "Omnibus-Pak" presentéieren, bei deem et drëm geet EU-Direktiven an Reglementer an de Beräicher vum nohaltege finanzielle Reporting, dem Devoir de Vigilance an der EU-Taxonomie ze vereinfachen. Am Laf vun de nächste Joeren sollen weider EU-Texter vereinfacht ginn an duerch d'Digitalisatioun vu sämtleche Prozedure d'Simplificatioun ënnerstëtzt ginn.

Allgemeng ënnerstëtzt d'Regierung dës ambitiéis Ziler, déi sech zu engem groussen Deel mat de Prioritéite vum Regierungsprogramm iwwerschneiden. D'Regierung erwaart sech datt d'Kommissioun dëse generelle politeschen Ukënnegungen aus dem "Kompass" eng konkret Suite, ënnert der Form vu legislativen Texter a Simplifikatiounsprogrammer, gëtt. Wéi vun der Kommissioun ugekënnegt, soll den Accent op d'Harmonisatioun vun EU-Reegele geluecht ginn, fir dass an de 27 EU-Länner déi nämmlecht Reegele gëllen. Op Basis vun de konkrete Propose vun der Kommissioun wäert d'Regierung hier Positiounen ausschaffen an d'Ëmsetzung op nationalem Niveau plangen.

D'Prinzippien vun der Simplification administrative sinn am Koalitiounsaccord ageschriwwen, a besonnesch d'Konzepter vum « once only » am dem « Think small first » ginn ënnerstrach. De Projet de loi fir d'Ëmsetzung vum „once only" ass de Moment och um Instanzewee, op Basis vun dëser Gesetzgebung wäerte vill Mesüren am Sënn vum Bürokratieofbau an der Vereinfachung kenne geholl ginn.

De Wirtschaftsministère schafft konkret un der Simplification administrative an dëst an enger Bottom-up Approche. Et sinn an deem Sënn Echange mat de Membere vum Haut Comité PME a mat aner Representanten vun den Entreprisen ginn, dobäi sinn sëlleg Propose gesammelt ginn, déi mat de jeeweils zoustännege Ministèren an Administratioune beschwat ginn.

D'Simplification administrative kann duerch verschidde Moossnamen erreecht gi wéi zum Beispill mat reglementareschen Upassungen, organisatoresche Verbesserungen, der Digitalisatioun an

ICT-Outilen, enger besser Informatioun, méi Kohärenz tëschent den administrativen Ufuerderungen an dem „once only“ Prinzip.

Luxembourg, le 25/02/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles